LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7379 vum 14. Dezember 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.**

***Wéi vill Automobilisten a Camionsfuerer si wärend der Testphas op der A7 bis elo geblëtzt ginn?***

Wärend der Testphas vun de Streckeradaren an den Tunnellen Stafelter, Grouft an Gousselerbierg op der A7 gi keng Donnéeë gespäichert. Alles wat vun de Streckeradaren erfaasst gëtt, gëtt direkt geläscht. Esou leien och keng Statistike mat de gewënschten Donnéeë fir.

***Vu wéini u ginn dës Streckeradare schaarf gestallt?***

D'Streckeradare gi schaarf gestallt, soubal d'Anlagen homologéiert an alles richteg parametréiert ass.

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch